ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

Ufank 2012 huet de Naturpark Our mam Banneministère a mam Ministère fir d'Groussregioun eng Konventioun ënnerschriwwe fir d'Schafe vun enger nationaler Fléissgewässerpartnerschaft. Dës Partnerschaft setzt sech an éischter Linn mat de Fléissgewässer auserneen, déi am Anzuchsgebitt vun der Our, der Wolz/Klierf, der Schlënner an der Blees leien. Zil vun dëser Partnerschaft ass d'Verbesserung vun der Waasser- a Liewensraumqualitéit ronderëm dës Fléissgewässer an d'Vereenegung vun allen Acteuren, déi an deem genannten Anzuchsgebidder d'Fléissgewässer direkt oder indirekt beaflossen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wat fir eng Resultater huet deen uewe genannte Projet bis elo bruecht?
2. Wat huet de Projet bis elo kascht?
3. Kann d'Regierung eis eng Oplëschtung vun de Mesure ginn, déi bis elo am Kader vun deem Projet konkret ëmgesat goufen?
4. Kann de Projet als ofgeschloss ugesi ginn? Wann nee, wat fir eng Mesure mussen nach ëmgesat ginn an a wat fir engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun deene Mesure gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten